



Ech géif wëllen zum Vote vun der Motioun N°1 iwwergoen. Ass de Vote électronique gefrot oder kënnen mer dat duerch Hand-ofstëmmung maachen? Maache mer dat duerch Handofstëmmung?

(Assentiment)

Ech stellen da fest, wéi d'Fraktiounen do sinn.

Vote sur la motion 1

Wien ass mat der Motioun 1 d'accord?

Wien ass do dergéint?

A wien enthält sech?

Dat sinn zwou, véier, sechs Enthaltungen. Sechs Enthaltungen a véier. Bei zéng Enthaltungen ass déi Motioun dann ugeholl.

(Interruption)

Jo, dat war fënnef a véier an eng, dat ass zéng.

Den Här Hoffmann wëllt seng Abstentioun nach eng kéier motivéieren, obschonn Dir et schonn, Här Hoffmann, an Ärer éischter Interventioun...

(Interruptions)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ech weess selbstverständlech den Ennerscheed.

► **M. le Président**.- D'Reglement gesäit vir, datt den Här Hoffmann därer seng Abstentioun motivéieren.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ech géif dat och mengen. Ech weess och den Ennerscheed tëschtent Obligation vu Mëttelen an Obligation vu Resultat bei internationale Verhandlungen. Dat kennen ech. An dorunner géif sech och näischt änneren, wann ee bei deem zweetleschten Abschnitt vum Dispositif e Punkt géif setzen hannert 1990. Dat heescht also, déi Bedéngung, datt déi aner matmaachen, géif ewechloossen. Da wier et nach ëmmer nëmme: „Invite le Gouvernement à œuvrer“ an déi dote Richtung, a selbstverständlech net eng Verpflichtung, zu deem Resultat ze kommen. Also insoufern war dem Här Minister seng Äntwert am Fong geholl net eng op meng Proposition zu deem doten Abschnitt.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Dat war awer elo keng Motivatioun zu Ärer Abstentioun, dat do.

(Interruption)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Wat dann? Wat war dat do dann?

(Interruption)

Motion 2

► **M. le Président**.- Fir datt mer an der Rumm bleiwe vun der Diskussioun hei, géife mer zur Motioun N°2 iwwergoen. D'Motioun N°2 ass déposéiert gi vum Här Eugène Berger. Här Berger, wëllt Dir d'Wuert nach eng kéier?

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Wann ech deenen Explikatioun vum Minister Schank konnt suivéieren, wier him am Fong geholl déi Motioun hei ganz sympathesch, well eng Rei Saachen dra sinn, déi d'Regierung och wëllt ëmsetzen. Duerfir géif ech et jo awer dann ëmsou méi interessant fannen, wann d'Chamber hei kënnt massiv der Regierung de Réck stäipe mat dëser Motioun, fir datt se dann och duerch de Bësch géife kommen. Duerfir verstinn ech net, firwat d'Majoritéit déi Motioun net wëllt stëmmen, an invitéiere se nach eng kéier, se ze stëmmen.

► **M. le Président**.- Bon, mir géifen zum Vote kommen. Ech ginn dovun aus, datt hei de Vote électronique gefrot ass.

(Assentiment)

Vote sur la motion 2

De Vote fänkt un. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss.

D'Resultat ass: Mat Jo hunn 20 Deputéiert gestëmmt a mat Nee 37.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est rejetée par 20 voix pour et 38 voix contre.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M.

André Bauler), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Ali Kaes), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Raymond Weydert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Lucien Clement), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Weiler), Laurent Mosar (par M. Norbert Haupt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Michel Wolter), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel).

Motion 3

Mir géifen dann zur Motioun N°3 kommen. De Minister huet dem Här Berger, deen och hei den Dépôt gemaach huet vun der Motioun, eng Rei vu Propositione gemaach, ënner welchen d'Regierung kënnt mat där Motioun d'accord sinn. Här Berger!

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Ech hunn effektiv den Erklärunge vum Minister genau nogelauschtert, an en huet jo och verschidden Explikatiounen ginn, déi ech ka verstoen an déi ech och kann akzeptéieren, an ech wier duerfir och d'accord mat deene Modifikatiounen, déi hie proposéiert.

Fir eis ass virun allem wichteg d'Zil dovunner, datt heescht, datt mer d'Bilanz kënnen maache vun deene Projeten, wou mer engagéiert sinn, an och dann deementsprechend herno kënnen Korrektur virhuelen, an nëmme wierklech a Projete ginn, wou och wierklech d'Nohaltegkeet garantéiert ass, wa mer müssen eben déi flexibel Mechanisme gebrauchen. Ech hoffen, datt mer dann doduerch och an Zukunft net méi an der Situatioun sinn, datt mer mat eiser Autosteier Wandmillen a China musse bezuelen.

Merci.

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Berger Merci. Ech géif vläicht nach eng kéier résuméieren, datt an der Motioun, esou wéi se déposéiert ginn ass, dann an de Considéranten den zweetleschten an drëttleschten Considérant géife gestrach ginn, an dass am Dispositif dee leschten Dispositif géif heeschen: «à veiller à ce que les projets apportent une grande plus-value en termes de durabilité». Wann dat esou akzeptéiert ass, da géif ech déi Motioun zum Vote stellen.

Motion 3 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que le Protocole de Kyoto définit trois mécanismes flexibles, à savoir le commerce de droits d'émissions, la mise en œuvre conjointe et le mécanisme de développement propre dans la stratégie visant à une réduction des gaz à effet de serre;

- considérant que le Luxembourg a largement recours à ces mécanismes flexibles;

- considérant le Plan National d'Allocation de Quotas II (PNAQ II) couvrant la période de 2008 à 2012;

- considérant que des sommes considérables sont engagées par le fonds de financement des mécanismes de Kyoto, en vue de la participation aux différents projets de CDM (Clean Development Mechanism) et de JI (Joint Implementation);

- considérant que la Chambre des Députés est soucieuse du nombre d'engagements financiers pris dans le cadre des mécanismes flexibles;

- considérant la participation du Grand-Duché de Luxembourg aux Fonds Carbone de la Banque Mondiale et de la Banque européenne pour la Reconstruction et le Développement;

- insistant sur la nécessité de la priorité d'actions nationales en matière de lutte contre les changements climatiques;

invite le Gouvernement à

- présenter dans les meilleurs délais un bilan détaillé des mécanismes flexibles auxquels le Luxembourg a eu recours;

- vérifier que les projets auxquels il a participé respectent les critères écologiques, sociaux et économiques de durabilité;

- vérifier si les réductions d'émissions de gaz à effet de serre accréditées sont à la hauteur des moyens financiers engagés;

- veiller à ce que les projets apportent une grande plus-value en termes de durabilité.

(s.) Eugène Berger, André Bauler, Fernand Etgen, Camille Gira, André Hoffmann.

Vote sur la motion 3 modifiée

Ech ginn dovun aus, datt mer déi par main levée kënnen elo ofstëmmen.

Wien ass domadder d'accord?

Wien enthält sech?

Wien ass dergéint?

Mat Unanimitéit war déi Motioun 3 ugeholl.

Motion 4

Mir géifen dann zur Motioun 4 kommen, déi vum Här Camille Gira déposéiert ginn ass. Gëtt et do nach Wuertmeldungen? D'Regierung huet proposéiert, déi Motioun ofzelehnen.

Wa keng Wuertmeldungen do wären, da géif ech gär zum Vote kommen.

Den Här Colombero freet d'Wuert nach.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Jo, ech wollt den Här Gira froen: Wien ass alles op där Table ronde do derbäi? Wie géift Dir do invitéieren?

(Hilarité et interruptions)

► **M. le Président**.- Bon, ech mengen, mir kéinten zum Vote...

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Jo, komme mer zum Vote, soss sëtze mer muer de Moien nach hei, wann ech dem Här Colombero all déi Leit muss opzielen, déi do sollen derbäi sinn.

► **M. le Président**.- Här Gira, hätt Der gären de Vote électronique?

► **M. Camille Gira** (déi gréng).- Jo, jo!

► **M. le Président**.- Da géife mer dee lancéieren.

Vote sur la motion 4

De Vote ass un.

► **Une voix**.- Da kënnen mer se net matstëmmen...

► **M. le Président**.- Mir géifen dann iwwergoen op d'Procuratioun. De Vote war ofgeschloss.

D'Resultat vum Vote vun dëser Motioun ass: 14 Deputéiert hu mat Jo gestëmmt, 40 mat Neen an een Deputéierten huet sech enthalen.

Résultat définitif après redressement: la motion 4 est rejetée par 41 voix contre, 14 voix pour et une abstention.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox).

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Lucien Weiler), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Raymond Weydert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M.

Michel Wolter), Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Alex Bodry), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Lucien Lux);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Domat war dann d'Diskussioun vun dësem Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss. Mir géifen zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Finanzéierung vun de grouse staatlechen Infrastrukturen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht ginn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Diederich, den Här Bausch, den Här Henckes, den Här Hoffmann an den Här Negri. Den honorabelen Här Fernand Boden presentéiert eis de Rapport vun der Commission du développement durable. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

3. 6079 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, no 2006, 2007 an 2008 hu mer haut hei an der Chamber déi véierte kéier den Débat iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojeten, déi de Stat réaliséiert. Nei ass, datt dëst Joer, bedéngt duerch déi nei Regierungsoopdeeling, doduerch, datt mer elo e Ministère vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukture geschaf hunn, datt mer een Débat spueren, well haut souwuel den Domän vun den Travaux publics wéi och dee vun Transport hei zesumme virgestallt ginn.

Zënter Joren ass an der Chamber an och an der Regierung doriwwer diskutéiert ginn, wéi d'Plangen, wéi de Bau vu gréisseren Infrastrukture vum Stat kéinte méi schnell gemaach ginn, méi transparent gemaach ginn, méi einfach, ouni datt awer d'Matsproocherecht vun der Chamber, d'Kontroll vun der Chamber géife beschnidde ginn.

Zënter 2006 gëtt also eng nei Prozedur applizéiert, sou datt ech net nach eng kéier dorobber wëll agoen. Ech wëll lech just, Här President, eng Lëscht hei iwwerreeche vun allen Infrastrukturprojeten, déi an deenen dräi leschte Joren eng Autorisation vun der Chamber duerch déi nei Prozedur kritt hunn. Déijéineg, déi dat nokucken, wäerte gesinn, datt dat scho ganz appreciabel ass.

(M. Fernand Boden dépose une liste récapitulative des projets ayant fait l'objet d'une autorisation par motion.)

► **M. le Président**.- Merci.

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Eropsetzung vu 7,5 Milliounen Euro op 40 Milliounen Euro vun deem Seuil, vun deem un all Engagement vum Stat muss duerch e Gesetz autoriséiert ginn - dat ass am Abrëll vum leschte Joer geschitt -, ass och déi Prozedur, déi hei ofgemaach war, e bëssen emgéännert ginn. Et sinn e puer nei Ännerunge komm.

De finanzielle Seuil vun de Projeten, déi an der Nohaltegkeetskommissioun all Joer musse presentéiert ginn, deen ass vu 7,5 Milliounen net op 40, mä op zéng Milliounen eropgesat ginn. Gläichzäiteg kréien d'Deputéiert, déi mat deem engen oder anere Projet net d'accord sinn, awer d'Geleeënheet, fir hei an der Chamber eng separat Motioun ze presentéieren niewent där genereller Motioun, fir datt och iwwer hir Positioun kann ofgestëmmt ginn.



Well awer och ëmmer méi Urgencë virkommen, déi een net virausgesi kann, och beim beschte Wëllen net, war et néideg, d'Autorisationsprozedur och e bësse méi flexibel ze gestalten. Duerfir kann d'Chamber an esou Fäll vun Urgence och am Laf vum Joer duerch eng Motioun hir Autorisation fir spezifesch Bauprojekte ginn.

Wat elo soss d'Matsproocherecht an d'Kontroll vun der Chamber ugeet, bleift et esou, datt fir Projeten, déi méi wéi 40 Milliounen Euro kaschten, e Projet de loi muss ausgeschafft an och hei an der Chamber gestëmmt ginn.

Wat de finanzielle Suivi vun de Chantieren ugeet, déi schonn amgaange sinn, ass et säit e puer Joer esou, datt de Minister all sechs Méint an d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire kënnt, fir déi finanziell Evoluition vun de Projeten do ze presentéieren.

Dëse Modus Vivendi soll och bäibehale ginn, mä soll sech net nëmmen op déi Projekte vun engem Käschtepunkt vun iwwer 40 Milliounen begrenzen, mä soll ziele fir all Projet, dee méi wéi zéng Milliounen Euro kascht. Fir d'Ausféierung vun de Projeten tëschent zéng a 40 Milliounen Euro, fir déi kee Gesetzesprojet muss ausgeschafft a gestëmmt ginn - et ass awer net verbueden, wëll ech hei derbäifügen -, ass d'Comexbu stänneg mat agebonnen, wat de finanzielle Suivi ubelaangt. De Minister ass och bereet, fir déi fir d'Infrastrukture zoustänneg Kommissioun regelméisseg ze informéieren iwwert de Weidgang vun de Projeten tëschent zéng a 40 Milliounen, fir déi d'Ausschafe vu Pläng an Etüden autoriséiert ginn ass. Sou datt wéi gesot déi zwou Kommissiounen och permanent iwwert de Fortgang vun de Projekte Bescheid wëssen.

Dir gesitt, dës puer Ännerunge vun der Prozedur erlaben eis méi eng grouss Flexibilität; se erlaben der Regierung am Noutfall méi séier kënne ze reagéieren, an trotzdeem behält d'Chamber nach déi néideg Kontroll iwwert dat Ganz.

Dir Dammen an Dir Hären, modern Infrastrukture si wichteg fir déi zukünfteg Entwécklung vun eisem Land. De Konjunkturprogramm gëtt 2010 op vollem Niveau weidergefouert. Dat ass wichteg a richtig, fir eise Betriber ze hëllefen, dës Kris ze iwwerwannen. Mä et ass och wichteg, fir datt hei zu Lëtzebuerg d'Land no der Kris gutt dosteet an datt potenziell Investisseuren hei am Land kënne performant Infrastrukturen ugebuede ginn.

Gewëss, mer wëssen alleguer, datt de Budgetdefizit 2010 - an doriwwer kréie mer nach Geleeënheet ze schwätzen - ganz héich ass an datt mer 2011 mussen ufänken, zolidd ze spueren, fir deen Defizit erëm ofzebauen. Dat wäert ganz sécher net ouni aschneidend Moosname goen. Och bei den Infrastrukturen. Mä et dierf een awer net deen einfache Wee wien a virun allem beim Ausbau vun den Infrastrukturen Gelder aspueren, well trotz Budgetdefizit musse gewëssen Investisementer elo gemaach ginn, fir datt mer no der Kris net nach méi schlecht dostinn, wéi dat soss de Fall wär.

No dësem kuerzen Exkurs wëll ech da kuerz och op d'Lëscht vun de Projeten agoen, well dat an der Prozedur virgesinn ass, d'Projeten, déi de Minister eis an der Kommissioun virgestallt huet.

Mir hunn d'ailleurs vum Minister a vu senge Mataarbechter all Informatiounen an Äntwerte kritt, déi mer gebraucht hunn. Duerfir soen ech hinnen all Merci fir déi gutt an effikass Zesummenaarbecht.

D'Chamberskommissioun huet all eenzelne Projet vun der Lëscht analyséiert an och diskutéiert. Duerfir verweisen ech op mäi schréffleche Rapport, fir dat méi am Detail nozeliesen. Hei wëll ech déi Projeten eenzel a ganz kuerz virstellen.

Ech fänken u mat de Projekte vun den Travaux publics, an do mat deene vun der Bauverwaltung. Fir d'éischt geet et ëm d'Renovéierung vun de militäreschen Infrastrukturen um Härebiereg. D'Gebaier

um Härebiereg stamen aus de 50er Joren. Se sinn an engem schlechten Zoustand, duerfir muss dréngend eppes geschéien. Et geet hei ëm eng Gesamtsurface vu 74.000 m², an do gëtt gekuckt, ob se am beschte renovéiert ginn, oder wat fir eng mussen ofgerappt an nei opgebaut ginn. De Käschtepunkt beleef sech op ronn 100 Milliounen Euro.

Da kommen eng ganz Rei vu Schoulprojeten. Dir gesitt also, d'Regierung leet prioritär och Gewiicht op de Bau vun neie Schoulinfrastrukturen. Et geet fir d'éischt ëm den Ausbau an d'Renovéierung vum technesche Lycée vu Bouneweg. Dës Aarbechte sinn néideg, fir de Lycée vu Bouneweg de modernen Ufuerderungen un d'Schoul gerecht ze maachen, fir nei pedagogesch Konzepter do kënne unzebidden, zum Beispill d'Ganzdagsschoul. Et gi provisoersch Strukturen ofgerappt, an den Alimentatiounsberäich gëtt HACCP-konform gemaach. Dësen Investissement kascht de Stat 105 Milliounen Euro.

Da geet et ëm de Bau fir eng Schoul vun der zweeter Chance. Dës Schoul ka bis 400 Schüler ophuelen, déi sech an enger Iwwergangsphas tëschent Schoul an Aarbechtswelt befannen. 40 Milliounen Euro wäert de Stat hei investéieren, fir datt dës Schüler besser Chancë kréien, fir eng Aarbechtsplaz um Aarbechtsmaart ze fannen.

Da geet et ëm d'Kantinn an d'Sportshal vun der Handwierkerschoul hei an der Stad. 25 Milliounen Euro kascht et, fir datt e Restaurant fir 350 Schüler, datt eng Cafeteria mat 170 Plazen an eng Sportshal mat dräi Unitéite gebaut ginn. Des Weidere gëtt e Solarlabo ageriicht, e Parking fir 110 Autoe gebaut an d'Alentours ginn aménagéiert.

Da kéime mer un de Centre de logopédie. Déi bestehend Infrastrukture stamen aus dem Joer 1971, se ginn den aktuellen Ufuerderungen net méi gerecht, a fir ronn 20 Milliounen ginn déi al Gebailechkeeten ofgerappt a ginn neier opgericht.

Da gi mer un d'temporär Strukturen, déi néideg sinn, fir datt den Athenäum ka komplett renovéiert ginn. Bei dësem Projet handelt sech ëm eng qualitativ ganz héichwäerteg temporär Struktur vun 11.000 m², déi ronn 1.400 Schüler aus dem Kolléisch ophuele kann während der Renovéierung vum Athenäum. Déi héich Käschte vun 20 Milliounen Euro fir eng temporär Struktur, déi erkläre sech doduerch, datt et sech hei ëm eng ganz héichwäerteg prefabrizéiert Struktur mat gudden Energiewärter handelt. Dës Infrastruktur soll eng Liewensdauer hu vun zéng bis 20 Joer a si soll an enger zweeter Phas och kënne genotzt ginn, wann aner Lycéeën um Geesseknäppche renovéiert ginn.

Da kéime mer un de Sportslycée um INS - Fetschenhaff. Dëse Projet, deen déi néideg Strukture schafft, fir datt 350 bis 450 jonk talentéiert Sportler Schoul a Sport optimal ënner een Hutt kréien, kascht 6,9 Milliounen Euro. Ech wëll net verheemlechen, datt dëse Projet dem Éierepresident vun der Dëschtentföderatioun, dee viru Joren d'Sportsklasse mat initiéiert huet, ganz vill Freed mécht.

Da kéime mer un de Lycée technique pour professions de santé am Süde vum Land. Momentan gëtt et nach kee richteg Site fir dëse Lycée, dee Plaz fir 430 Schüler vun de Gesondheetsberuffer soll hunn an deen dës Formatioun, déi och haut schonn am Zentrum an am Norden ugebuede gëtt, soll weider dezentraliséieren. Momentan si verschidden Terrainen am Süde virstellbar, mä sollt deen neie Lycée fir Gesondheetsberuffer op e gemeinsame Site komme mat engem anere Lycée, si selbstverständlech eng Rei vu Synergie méiglech, zum Beispill am Beräich vun de Sportshalen oder am Beräich vun der Restauratioun. De Budget wäert sech op ronn 30 Milliounen Euro belafen.

Da kéime mer un d'Extenssioun vun der Cour des Comptes. Ech mengen, mir wëssen alleguer, ëm wat fir e Gebai et sech do handelt. Ënner anerem soll hei eng Vergréisserung a Richtung fréier Gebai vum Service national de la Jeunesse virgeholl ginn. Et soll eng eenzeg Entrée an der Avenue Monterey geschaf ginn. Weider Detailer fannt Der am schréffleche Rapport. D'Käschte belafe sech op ronn 7,4 Milliounen Euro.

Da kéim de Bâtiment Jean Monnet 2 fir déi Europäesch Kommissioun. Dëst Gebai, fir dat nach kee Budget definéiert ass, gëtt an zwou Phase realiséiert. An enger éischer Phas entsteet Plaz fir 1.850 Leit, an enger zweeter Phas fir 1.050 Leit, sou datt ronn 3.000 Leit insgesamt wäerten an deene Gebailechkeete kënne hir Aarbechtsplaz fannen. Insgesamt wäert dëst Gebai um Kierchbiereg eng Surface hu vun 200.000 m², an et ass virgesinn, datt dat Ganzt iwwer eng Location-vente soll bezuelt ginn. De Stat prefinanziéiert also an e kritt d'Sue vun der EU-Kommissioun erëmbezuelt.

Erlaabt mer dann, datt ech zu de Projekte kommen, déi vun de Ponts et Chaussées realiséiert ginn.

Do geet et fir d'éischt ëm e Contournement Olm-Kielen. Dëse Projet, deen als prioritär agestuift ass, steet och am Avant-projet de plan directeur sectoriel «Transports». E soll d'Aktivitéitszone vu Capellen a vu Kielen effikass un d'Stroossennetz ubannen, an e soll d'Uertschafte Kielen an Olm entlaaschten, fir deenen hir Liewensqualität ze verbesseren, wat jo ganz sécher eisem Frënd Félix Eischen vill Freed wäert maachen. Dëse Projet kascht de Stat 18,26 Milliounen Euro.

Da kéime mer un de Flughafen, wou en neien Dépôt fir de Kérosène soll geschaf ginn. Deen aktuellen Dépôt ass an de 70er Jore gebaut ginn, erfëllt net méi déi heiteg Normen an Exigenzen an de Beräicher vun der Sécherheet, vun der Gesondheet, vum Ëmweltschutz. Des Weideren ass och d'Capacitéit vum aktuellen Dépôt net grouss genuch, fir dem momentane Loftverkéier kënne gerecht ze ginn. E gëtt zwar permanent iwwer eng NATO-Pipeline versuergt, mä e muss awer op d'mannst fir fénnef Deeg Reserven hunn. Duerfir faasst deen neien Dépôt elo dräi Reservoir vu jeeweils 5.000 m³. D'Reservoire sinn duebelwänneg, ginn an de Buedem agegruween an erfëllen duerfir elo all Normen. Éischten Evaluatiounen no gëtt dëse Projet op 20 bis 30 Milliounen Euro geschat.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kéim dann ofschléissend zum Volet Transport. Do geet et fir d'éischt ëm d'Erneierung vun der Nordstreck. Bei dësem Projet vun enger finanzieller Envergure vu 85 Milliounen Euro ass virgesinn, verschidde Streckenofschnëtter tëschent der Stad an Ëlwen op enger Gesamtläng vum 52 km ze erneieren. Fir d'lescht ass do tëschent 1982 an 1989 un dëser Streck erneiert ginn. Et sinn dräi Streckenofschnëtter concernéiert, Luerenzweiler-Miersch, vu Cruchten op Ettelbréck-Bürden a vu Wëlwerwolz op Clief.

Dann dee leschte Projet, deen och op der Nordstreck ass. Et ass d'Rekonstruktioun vun enger Bréck iwwert d'Uelzecht virun der Ettelbrécker Gare. Hei soll d'Zuchbréck iwwert d'Uelzecht virun der Ettelbrécker Gare nei gebaut ginn. Dës Bréck ass 1860 gebaut ginn. Se ass 1884 an 1900 zweemol staark ëmgeännert ginn. Och nom Zweete Weltkrich ass nach eng Kéier dru geschafft ginn, well de Krich seng Spuren do hannerlooss hat.

Duerch eng staark Augmentatioun vum Zuchverkéier huet d'Bréck an de leschte Joren awer staark gelidden, sou datt se a kengem gudden Zoustand méi ass. Et goufen zum Beispill Rëss an der metallener Struktur festgestallt, wou d'Schinnen drop leien. Dës Schied si wuel gefléckt ginn. Mä eng Etüd ass zur Konkusioun komm, datt et besser wär, dës Bréck esou séier wéi méiglech ze ersetzen, wat iwwerengs och positiv Auswierkungen op d'Iwwerschwemmungsgefor zu Ettelbréck hätt, also och en zweet positiivt Element, wat mat dem Neibau vun dëser Bréck verbounen wär. Momentan beleef dëse Projet sech op 17 Milliounen Euro.

Ofschléissend wëll ech soen, datt d'Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung keng extra Awänn hat géint déi verschidde Projeten, déi ech elo grad virgestallt hunn. D'Kommissioun huet also en eestëmegen a favorabelen Avis ginn zu alle Projeten, déi, wéi ech schonn ufanks gesot hunn, zur Verbesserung vun den Infrastrukture vun dësem Land bäidroen.

Aus dësem Grond réit also d'Kommissioun der Chamber, hiren Accord ze ginn, fir

datt déi noutwendeg Etüd fir d'Verwierklechung vun de Projekte kënne ausgeschafft ginn.

Domadder huet, wéi gesot, de Rapporteur säi mëndleche Rapport ofgeschloss. Ech géif dann als Spriecher vun der CSV-Fraktioun den Accord vun eiser Fraktioun zu dëse Projete bréngen.

Ech déposéieren eng deementspriedend Motioun, déi och an der zoustänneger Kommissioun guttgeheesch ginn ass. Si ass vu bal alle Fraktiounen ënnerschriwwen. Déi gréng Fraktioun wollt nach op d'Äntwert vum Minister waarden, fir och eventuell hir Ënnerschrëft dorënner ze ginn. Ech wëll se also hei um Chambersbüro déposéieren.

Merci bien.

► **Une voix.** - Très bien!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *vu la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure;*

- *vu la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;*

- *vu d'autre part:*

l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001;

la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructures dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- *vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 et du 10 juillet 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes;*

- *considérant que ladite procédure répond aux préoccupations dans la motion précitée du 29 janvier 2002;*

- *vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros;*

- *vu la liste des projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un APD à charge du département du Développement durable et des Infrastructures en 2009/2010, présentée par Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures lors des séances des 14 et 28 octobre 2009 de la Commission du Développement durable;*

- *considérant que suite aux informations détaillées, la Commission du Développement durable a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée,*

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2010 afin de garantir les objectifs suivants:

a) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'administration des bâtiments publics

- *procéder à la modernisation des bâtiments existants de la caserne Herrenberg alors que les infrastructures actuelles datent des années 50 et se trouvent dans un état vétuste; rénovation selon les principes de la performance énergétique actuels;*

- *réaliser une extension et une rénovation Lycée technique de Bonnevoie permettant de supprimer définitivement les structures provisoires hébergeant 35 salles de classe, permettre la mise en conformité des infrastructures alimentaires (normes HACCP) et offrir un concept pédagogique novateur (Ganzdagsschoul);*



- construire une École de la Deuxième Chance sur le territoire de la Ville de Luxembourg permettant aux jeunes «décrocheurs scolaires», «primo-arrivants» et aux jeunes n'ayant pas trouvé de poste d'apprentissage d'avoir une formation et un diplôme;

- réaliser pour le Lycée technique des Arts et Métiers une cantine et des infrastructures sportives alors que les infrastructures existantes pour ces deux fonctions sont insuffisantes à l'heure actuelle;

- construire un nouvel immeuble pour le Centre de Logopédie à Luxembourg/Strassen alors que les bâtiments actuels datent de 1971 et se trouvent dans un état vétuste; la nouvelle construction sera également réalisée conformément au concept de la performance énergétique actuelle;

- ériger une structure temporaire pour les besoins de l'Athénée de Luxembourg qui sera complètement rénové et assaini;

- construire un bâtiment définitif pour le Lycée Sports-Études à l'INS Fetschenhof qui fonctionne depuis un an à cet endroit dans des structures provisoires;

- réaliser un Lycée technique pour Professions de Santé au Sud du pays afin de pouvoir continuer la décentralisation de cette formation qui est offerte également au Centre et au Nord du pays;

- procéder à la rénovation des bâtiments de la Cour des Comptes, rue Monterey suite au départ du Service national de la Jeunesse;

- effectuer, pour le compte de la Commission européenne, les études et, par la suite, la réalisation d'un nouveau Bâtiment Jean Monnet 2;

b) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'administration des ponts et chaussées

- construire à l'aéroport de Luxembourg un nouveau dépôt de carburant en particulier au motif que la capacité de stockage de l'actuel dépôt est trop faible et qu'il échet de réaliser, pour des raisons de sécurité, des réservoirs «enterrés»;

- réaliser le contournement de Olm-Kehlen [N6-A6-N12], inscrit dans l'avant-projet du plan sectoriel transports afin de raccorder efficacement les zones d'activités de Capellen et de Kehlen au réseau routier primaire.

c) en ce qui concerne le champ d'intervention du département des transports

- procéder au renouvellement de différents tronçons de voie de la Ligne du Nord avec amélioration de la plate-forme en vue de la mise en œuvre de traverses en béton pour en augmenter la durée de vie et diminuer les coûts de maintenance;

- réaliser la reconstruction du pont rivière situé au point kilométrique 46,930 en Gare d'Ettelbruck pour remplacer un ouvrage d'art à la limite d'usage.

(s.) Fernand Boden, Lucien Clement, Fernand Diederich, Fernand Etgen, Jacques-Yves Henckes, Roger Negri.)

► **M. le Président.**- Merci dem Här Boden fir säi Rapport am Numm vun der Kommissioun. Ech géif dann als éischte Riedner den Här Etgen bieten, hei bei d'Pult ze kommen.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, Lëschte gëtt et der iwwerall an eisem Alldag: To-do-Lëschten, Akafslëschten, Lëschte mat Cadeaue fir de Kleeschen oder fir Chrëschttag an esou weider an esou fort. Dës Lëschten hunn alleguer eppes gemeinsam: Si sinn dofir do, datt mer wichteg Saachen net vergiessen. Si sinn dofir do, datt mer e Stéckchen Uerdnung an eist Liewe kréien. Si sinn do, fir ofgeschaaft ze ginn.

Wat passéiert dann elo, wa mer dës Lëschten zum Beispill am Gewulls vun engem onopgeraumte Büro géife verléieren oder einfach vergiessen? Da gëtt d'Steiererklärung net gemaach, mëttes ass kee Bifdeck um Teller, a virun dem Chrëschtbeemche sëtze Kanner, déi kräischen.

Här President, mir sollen haut an dësem Haus iwwert d'Lëscht mat de Prioritéiten vun de groussen Infrastrukturprojeten diskutéieren. An ech hunn d'Gefill, wéi wann d'Regierung dee leschten Akafsziedel am

Gewulls verluer huet, well vill vun deene Projeten, iwwert déi mer an deene leschte Joren hei diskutéiert hunn, sinn nach ëmmer net als Projet de loi an d'Chamber zrëckkomm.

Jiddwereen heibannen ass sech der Wichtigkeet vun der Prozedur, déi zënter 2006 applizéiert gëtt, fir en optimale finanzielle Suivi vun de groussen öffentliche Infrastrukturprojeten ze garantéieren, bewosst. Déi grouss Infrastrukturprojeten, déi op dëser Lëscht stinn, sollten eigentlech dat Joer drop oder méi Joren drop an enger méi detailléierter Form hei an d'Chamber kommen.

Vun all deene Projeten, déi zënter 2006 op deene verschiddene Lëschte stoungen, ass d'Chamber bei villen nach net mat engem entsprecheende Projet de loi befaasst ginn. An et sinn net déi mannsten, jo, et sinn eigentlech déi wichtigst Projete fir d'Zukunft vun eisem Land. Et sinn déi deierst Projeten. Et sinn déi komplizéiertst Projeten, déi an de vergaangene Joren net ofgeschaaft gi sinn. Ech wëll der nëmmen e puer zitieren.

2006 stoungen op der Lëscht d'direkt Zuchlinn tëschent der Stad an Esch, woubäi e Kolleeg, den Eugène Berger, viru kuerzem eng Fro un de Minister gestallt huet, well ee säit Méint näischt méi vun deem Projet héieren huet. 2006 hate mer och schonn all déi aner grouss Projeten op der Lëscht, déi den Transportminister Henri Grethen a sengem integréierte Verkierskonzept Mobilitéit.lu virgesinn hat: d'Gares périphériques, den Tram an esou weider an esou fort.

(Interruption)

Här President, mir hu mat der Prozedur vun 2006 een Tube geschaf, deen eis et sollt erméiglechen, fréizäiteg iwwer grouss Projeten ze diskutéieren, ier se ënner enger konkreter Form vu Projet de loi nees an d'Chamber zrëckkommen.

Ech stelle fest, datt dësen Tube verstoppt ass mat grouss Projeten, déi net ofgeschaaft ginn. Ech stelle fest, datt d'Regierung et net fäerdeg bréngt, wichteg Projeten ofzeschaffen, déi essenziell si fir d'Liewensqualitéit vun de Lëtzebuerger a fir d'Zukunfteg wirtschaftlech Entwécklung vun eisem Land. Ech stelle fest, datt d'Regierung den Iwwerbléck verluer huet, fir d'Prioritéiten bei den öffentliche Infrastrukture festzeleeën.

Wéi eng Projete ginn dann elo fir d'éischt realiséiert? Déi, déi haut op der Lëscht stinn, oder déi, déi scho säit 2006 dorobber waarde realiséiert ze ginn? Dës Prozedur däerf net zu enger purer Ukënnungsprozedur verkommen, wou de Minister just Tape à l'œil mécht, fir vläicht opgereegt Gemidder dobaussen ze berouegen.

Den Timing, fir dës Projeten ze realiséieren, hängt net nëmme vum Minister senge Wënsch a Wonschvirstellungen of. Ech wollt duerfir de Minister froen, wéi et mam Timing ass vun all deene Projeten, déi an deene leschte Joren dës éischt Etapp passéiert hunn. De Bauprogramm ass eng Saach, et kënnt awer op d'Programmation financière un.

Wat fir eng Enveloppe stellt dëse Programm duer? A wat fir eng Enveloppe huet de Superminister - oder méi richteg ausgedréckt: den Investitiounsminister - an deenen nächste Joren zur Verfügung?

Mir müssen de Bauprogramm och finanzéiert kréien. D'Lëtzebuergerinnen an d'Lëtzebuerger hu scho weineg Verständnis derfir, wann dee ganze Wahlprogramm ënner Finanzéierungsvirbehalt steet. Ech mengen, si hätte guer kee Verständnis, wann elo och nach d'Politik vum Minister ënner deem Finanzéierungsvirbehalt géif stoen. Ech huelen un, datt de Minister duerno ee Wuert dozou seet.

An dësem Kontext wëll ech och op d'Reflexiounen hiweisen, déi de Conseil d'État a sengem Avis zum Budget 2009 an 2010 zu den öffentliche Finanzen gemaach huet. Et ass sécher richteg, déi öffentliche Investitiounen a Krisenzäiten an der Logik vun enger antizyklischer Politik héich ze halen. De Conseil d'État weist och drop hin, datt déi öffentliche Investitiounen am Verglach zum PIB proportionell méi héich sinn, wéi dat bei eisen Noperen de Fall ass.

Mir müssen also eng méi déif gräifend Analys maache fir déi kommend Budgetsjoren. A wirtschaftlech méi schwéieren Zäite gëllt et och, d'Prioritéiten ze iwwerpräiwen an op hir Opportunitéit ze analyséieren.

Dës Debatt iwwert de Finanzement vun deene groussen Infrastrukturprojete vum Stat soll awer och derzou dengen, fir drop hinweisen, datt net nëmmen de Finanzement wichteg ass, mä datt all Virgäng an der Planung effizient musse gesteuert ginn. Et gëllt d'Projeten esou ze ficeléieren, datt se a puncto Effizienz beschtméiglech geplangt sinn. Virun allem müssen d'Erausforderungen, esou wéi se am IVL-Konzept duergestallt sinn, gemeeschtert ginn.

Mir müssen eis drugi mam IVL an der Mobilitéitsorganisatioun. Als DP bedauere mir hei haaptsächlech, datt de Stat et net fäerdeg bréngt bei sengen Décisiounen, déi grouss Linne vum IVL ze respektéieren. An dobäi misst dach grad bei engem integrative Konzept de Stat mam gudde Beispill virgoen.

Nach ëmmer gëtt un deem sougenannte Plan sectoriel erëmgedoktert, ouni datt mer haut ee koordinéiert Konzept hunn. Nach ëmmer wësse mer net, wat een hei am Land op engem bestëmmte Metercarrée dierf maachen, well d'Plans sectoriels fir deeselwechte Metercarrée verschidden an awer konträr Méiglechkeete virgesinn.

Dat ass gläich bei enger ganzer Rei vu Projeten, déi vun 2006 un op de Prioritéitslëschte stoungen, de Fall. All dës Projete sinn awer Deel vun engem Gesamtkonzept, wéi d'Transportwiese sech hei zu Lëtzebuerg soll weiterentwéckelen, wéi den öffentliche Transport ausgebaut an organiséiert gëtt, wéi d'Entwécklung vum Stroossennetz dorobber opbauend soll virgoen.

Et dierft och net méi virkommen, datt de Stat nei Bauprojeten op een net IVL-kompatible Site implantéiert. Dës Prioritéitprogramm mécht méi wéi däitlech, datt de Stat beim Festsetze vun de Prioritéiten bei der klassischer Duebelstrategie bleift: engersäits Ausbau vun den öffentliche Verkiersinfrastrukturen, an anerersäits Ausbau vun den Infrastrukture vum Individualverkier.

A well et esou ass, wëlle mir als DP op en Neits drop hiweisen, datt weider Effortë musse gemaach gi fir d'Ariichte vu groussen Opfangparkinge laanscht den Eisebunnsréseau; esou wéi dat iwwregens och am IVL virgesinn ass. Dës Opfangstrukture si wichteg, well wann d'Leit alleguerten d'Flemm hunn, wa se laang no enger Parkplaz gesicht hunn a keng fonnt hunn, dann ass et normal, da fuere se léiwer direkt mam Auto op hir Schaff. Wann d'Leit op de Gare keng Parkméiglechkeete fannen, maache se, an dat ass och logesch a mënschlech verständlech, ganz einfach net Gebrauch vum öffentlichen Transport.

Deen Exercice, dee mer dagdeeglech vun hallwer aacht un zu Miersch, zu Ettelbréck, zu Élwen an op verschiddene Grenzparkinge kënnen observéieren. Den Transfert vun enger Plaz op déi aner muss séier goen. De Verkier, egal ob den öffentlichen oder den individual, muss flësseg, séier an duerchgehend vun enger Plaz A op eng Plaz B goen.

Här President, fir d'Prioritéiten bei de groussen Infrastrukturprojete musse folgend Considérations a Betruecht gezu ginn: d'Sécherheet verbesseren, d'Liewensqualitéit eropschrauwen, Infrastrukture fir d'wirtschaftlech Kompetitivitéit optiméieren, a last but not least Infrastrukture fir d'Ausbildung vun eiser Jugend schafen.

D'Sécherheitsproblemer op der N7 si bekannt a wäerte sech mam zouhuelende Verkier an deenen nächste Joren nach verschäerfen. Déi rezent Mesuren, fir akute Sécherheitsmängel bäizekommen, ginn net onbedéngt an déi richteg Richtung. Hei kann ee scho vun engem regelrechte Schilderwirrwarr schwätzen. Verkiersberouegung schafft een net mat bemoltem Blech. An domadder mengen ech ee Verkiersschëld hannert deem aneren. Mä Verkiersberouegung geschitt an de Käpp vun de Leit an haaptsächlech awer duerch der Situatioun ugepassten Infrastrukturen.

Här President, erlaabt mer elo e puer Projete vun der Lëscht vun dësem Joer méi genee ze analyséieren.

D'Ëmgehung Ollem/Kielen ass scho laang am Gespräch. Bei enger Stärkten-Schwächen-Analys kënnt een hei zur Konklusioun, datt all Elementer - d'Verkierssécherheet, de Konfort vun de Benotzer an Urainer, dee wirtschaftlechen Aspekt opgrond vun de bestehenden Industriezonen, d'Ubannen un d'Autobunnsnetz - dës Projet rechtfertigen.

Dat Erfreelechste bei dësem Projet ass awer, datt en eng wesentlech Verbesserung vum öffentlichen Transport an de concernéierten Uertschaften a besonnesch vum Bridel aus a Richtung Stad méiglech mécht. D'Landschaftszerstécklung bleift op een akzeptable Minimum beschränkt.

Här President, op der Lëscht fanne mer dëst Joer och ganz vill Schoulgebaier. Als DP wëlle mer dat ausdrécklech begréissen. De Stat huet et an deene leschte Jore verfeelt, d'Gebaier infrastrukturell de Besoinë vun eiser Zäit unzepassen. Adequat Gebailechkeete prägen déi, déi an hinnen enseignéieren a léieren. Do, wou d'Leit wéi d'Hierken an der Tonn sëtzen, entsteet keng Atmosphär vu konstruktivem Schaffen a kreativem Zesummesinn, an d'Schüler kréien d'Gefill, datt se näischt wäert sinn. Dat wierkt sech op hir ganz Astellung vis-à-vis vun der Schoul a vum Studium aus. Mir müssen eis eis Schoulen eppes kaschte loossen, well d'Formatioun vun eise Kanner dovunner ofhängt an domadder verbonnen, ouni wëlle pathetesch ze sinn, ee Stéck vun eiser eegener Zukunft.

Haut solle mer haaptsächlech vun de Projete schwätzen, déi op der Prioritéitslëscht stinn, an net vun deenen, déi net op der Lëscht stinn.

► **Une voix.**- Très bien.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, ech kommen awer net derlaanscht, fir e puer Wieder iwwert d'Schoullandschaft an der Nordstad ze verléieren. Besonnesch fir de Lycée technique Ettelbréck vermessen ech ee kohärent Gesamtkonzept. Mat Gepléischters a Geflécks geet et hei net méi duer. Opgrond vun de Problemer, déi sech hei weisen, brauche mer hei Léisungen, déi een direkt kann ëmsetzen, an net eréischt an aacht oder zéng Joer. Et huet een den Androck, datt d'Regierung d'onzoumutbar Zoustänn am Lycée technique verkennt, op déi llicht Schëller hält a ganz einfach net eescht hält.

Och wëll ech widderhuelen, datt den aktuelle Site vun der Ackerbauschoul net géeeigent ass fir den Nordstad-Lycée opzehuelen, nach fir eng Erweiderung vum Lycée technique. Dës Standuert zitt zousätzleche Verkier an de Stadzentrum, ganz besonnesch awer an déi elo schonn iwwerlaaschten Avenue Salentiny.

Nei Infrastrukture gehéieren op d'Zentralachs, op d'Achs Ettelbréck-Dikrech.

► **Une voix.**- Aaaahh!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Hei hu mer wirklech ee Paradebeispill, wou de Stat d'IVL-Kritäre mat Féiss trëppelt.

Et geet net duer fir ee Ministère fir nohaltig Entwécklung ze schafen, vun nohalterger Entwécklung ze schwätzen, et muss een och kënnen Décisiounen iwwerdenken.

Grad bei Investitiounen a Schoulgebaier, déi vill Va-et-vient, vill Trafic op sech zéien, wou d'Accessibilitéit enorm wichteg ass, ass et eng absolut Noutwendegkeet, ouni Kompromisser duerch de Brëll vun der Nohaltegkeet ze kucken.

An dësem Sënn begrëisse mer d'Investitiounen an d'Schinnennetz. Well d'Nordstreck nëmmen eegleiseg ass, ass et ëmsou méi wichteg, den Tronçon Lëtzebuerg-Élwen ze erneieren, fir ee permanent optimale Fonctionnement op alle Segmenter sécherzustellen.

D'Eisebunnsbréck op der Ettelbrécker Gare päift net nëmmen aus deem leschte Lach,



si ass zum Deel och nach eng vun den Ursaache fir grouss Iwwerschwemmungen. D'Erneuerung vun dëser Bréck ass iwwerfällég.

Här President, zum Schluss wollt ech ausdrécken, datt dës Prioritéitslëscht keng Simple déclaration d'intention ass, mä datt konkret elo op dësem Projet geschafft gëtt an eng Realisatioun a kuerzer Zäit méiglech gëtt. Prioritéit setzen, därf jiddefalls net heeschen, déi Projeten auswielen, déi solle leie bleiwen.

No all deenen Explikatiounen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wollt ech d'Zoustëmmung vun der DP-Fraktioun zu dëser Lëscht, an och wat d'Motioun ubelaangt, ginn. Et geet hei ëm Investitiounen an d'Zukunft, mat Gelder, déi ons vum Steuerzueler uvertraut ginn. Ech géif mer wënschen, datt all Projeten, well si sinn all néideg, gutt virukommen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, oni awer wëllen dem Rapporteur, dem Kollege Fernand Boden, Merci ze soe fir säi prezise schrëftlechen a mëndleche Rapport.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech hunn lech, Här Etgen, doranner verstanen, datt Der dem Här Boden wëllt Merci soen.

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport.

► **M. le Président.** - Well déi Aart a Weis, wéi Der Äre Saz gedréint hat, deen huet exakt de Contraire gesot, mengen ech, vun deem, wat Der wollt soen.

(Interruption)

Ech soen lech Merci fir Är Wuertmeldung an ech géif d'Wuert weiderginn un den Här Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Diederich (LSAP).** - Merci, Här President. Kollegeinnen a Kollegen, Här Minister, de Rapporteur ass elo grad op déi aktuell Prozedur am Zesummenhang mat de groussen Infrastrukturprojete vum Stat agaangen an huet déi néideg Erklärungen och iwwert déi eenzel Projekte ginn. Ech wëll him Merci soe fir säi Rapport an ech ka mech da limitéieren op e puer kuerz Remarquen zu eenzelne Projeten.

Wat d'Verwaltung vu Bâtiments publics ubelaangt, esou concernéiere siwe vun zéng Projeten d'Éducation nationale. Dëst entsprécht dem Regierungsprogramm, an och de Minister Claude Wiseler huet an der leschter Kommissiounssëtzung drop higewisen, datt d'Schoulgebaier niewent anere soziale Strukturen zu de Prioritéit gehéieren.

Wichtig ass d'Konstruktioun vun engem Gebai fir d'École de la deuxième chance, dëst op dem Territoire vun der Stad Lëtzebuerg. Zu Hamm soll déi Schoul hi kommen. Fir datt mer déi Schoul méiglechst schnell kënnen a Betrib huelen, nodeem d'Gesetz vun der Éducation nationale schonn eng Rei Méint gestëmmt ass.

Bei anere Lycéeën handelt et sech virun allem ëm Extensiounen oder Renovatiounen vu bestehende Gebaier. De Rapporteur ass op Bouneweg agaangen, huet och do vun den Norme geschwat, déi mussen erreecht ginn, a besonnesch am Zesummenhang mat der Kichen a mat de Liewensmëttel, déi do och verschafft ginn. An interessant war och seng Ausso iwwert de Projet vun der Ganzdagsschoul.

Fir den Athenäum gi provisoersch Struktur fir 1.400 Schüler opgeriicht, déi et erlabe sollen, dat bestehend Gebai etappeweis ganz ze renovéieren. Dëst Gebai am Préfabriqué soll iwwer zéng Joer stoe bleiwen, fir och aner Chantieren ze erlaben um Campus Geesseknäppchen.

Mir konnten eis viru kuerzem mat de Ministeren Delvaux a Wiseler iwwerzeegen bei der Feier zu Gréiwemaacher bei der Aweigung iwwert dat Gebai, wat do steet, als Iwwergangsstruktur, a wat et erlaabt, datt de Schoulbetrieb net gestéiert gëtt, bis dat definitiiv Gebai fäerdeg ass.

Een definitiiv Gebai soll och de Lycée „Sports-études“ um INS Fetschenhaff

kréien, dee provisoersch a Structure funktionéiert an dee sech viru kuerzem an enger interessanter Porte ouverte virgestallt huet. Hei gëllt et, beschtméiglech Konditiounen ze schafen, fir datt déi talentéiert jonk Sportler souwuel an hirem Sport kënnen gefördert ginn, awer och all Chancë behale fir hir schoulesch a beruflech Ausbildung.

Am Süde vum Land soll e Lycée technique pour professions de santé realiséiert ginn. Beim Vote vum Gesetz iwwert de Lycée an der Stad war schonn drop higewise ginn, den Ausbau ze dezentraliséieren, déi Offer ze verbesseren am Norden, awer och am Süden, Här Boden. Ech mengen, et funktionéiert schonn eng Schoul de Moment zu Bascharage, déi fréier zu Esch war, an enger fréierer Primärschoul, an et gëllt elo, wéi gesot, dat Gebai nei ze gestalten, fir dann och déi Offer méi auszedehnen am Süden.

Um Härebiërg, et ass schonn hei gesot gi vu menge Virriedner, sollen déi bestehend Infrastrukturen erneiert a renovéiert ginn. Mir konnten eis allegueren do iwwerzeegen mat deenen zwou Kommissiounen, déi viru kuerzem Visite um Site gemaach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virgëschter huet den Ausseminister a senger Deklaratioun op d'Wichtigkeet vun europäeschen Ariichtunge fir d'Visibilitéit vun enger europäescher Hauptstadt higewisen an op eng Rei Chantieren higewisen, déi schonn an engem méi oder wéineger avancéierte Stadium sinn. An dësem Zesummenhang soll en neit Gebai och entstoen: Jean Monet 2, an zwou Etappen, fir dat aalt Gebai ze ersetzen, wou all Servicer vun der Kommissioun hei zu Lëtzebuerg wäerten ënnerbruecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu datt mäi Kollege Roger Negri spéider nach kuerz wëllt op e puer Projekte vum Transport a vun der Eisebunn agoen, wëll ech hei d'Zoustëmmung ginn zu de Bauprojekten, zu deenen zéng allegueren, wou ech elo net zu all Projet wollt schwätzen, fir net, wéi gesot, alles ze widderhuelen, wat den Här Rapporteur scho gesot huet.

An ech wëll lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Mir soen och dem Här Diederich Merci a ginn da bei den Här Bausch. Här Bausch, Dir hutt elo d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wëll elo, am Contraire vläicht zu anere Kollegen, déi hei méi generell Ausflich gemaach hunn an d'gesamt Transportpolitik vun der Regierung an der Bautepolitik, dat net maachen, well ech mengen, dat ass haut net dee richtegen Dag fir dat ze maachen. Do kréie mer aner Geleeënheeten.

Mä ech wëll mech reduzéieren op dat, wat haut usteet, nämlech déi Projeten, vläicht och fir ze preziséieren, a wat fir engem Zeenario - ech hunn heiandsdo e bëssen d'Impressioun, datt et nach ëmmer net esou richtig kloer ass bei der Diskussioun hei - mer hei sinn. Mir diskutéiere jo hei nach net iwwert de Projet als solches, mä eréischt iwwert de Stadium, wou d'Regierung dierf iwwerhaupt Gelder labber maachen, fir Etüden ze maachen iwwer e Projet.

Ech mengen, dat ass eng grouss Differenz, dat dierf een net vergiessen. Wa mer och hei dann decidéieren, zum Beispill deen een oder anere Projet, an där Motioun hei, da wëllt dat net heeschen, datt deen herno och gebaut gëtt; fir dat emol eng Kéier kloer esou ze soen.

Ech wëll direkt soen, datt mir bei deem Gros vun deene Projeten hei kee Problem gesinn, fir der Regierung gréng Luucht ze ginn, fir Etüde lasszekappen, fir ze kucken, ob déi Projeten do realisabel sinn. Et ass een - ech kommen nach duerno drop zrëck -, wou mer e puer Froen hunn un de Minister an op Basis vun den Indiquen, ob mer herno d'Motioun stëmmen oder eis wäerten enthalen.

Ech wëll fir d'éischt aganks eng Bemierkung awer maachen. Et si ganz vill Saache vum Héichbau hei dran, ganz vill Schoulgebaier, wéi scho gesot ginn ass. Also, vill Gebailechkeeten, déi hei gebaut ginn. A

wat eis ganz uewe läit, dat ass natierlech net nëmmen, datt zum Beispill vill Schoule gebaut ginn, mä och, wéi se gebaut ginn an haaptsächlech den energeteschen Aspekt.

Mir hunn elo just vill diskutéiert iwwert d'Wichtigkeet vun der Energie am Beräich vum Wunnen oder vun de Gebaier insgesamt, wou mer eis ophalen als Mënschen; loosse mer emol esou soen. An deementspriedend fanne mir op alle Fall, datt bei all Neibau, bei all Renovatioun oder Extensioun vu bestehende Gebaier obligatoersch eigentlech mindestens den Niddregenergiestandard misst zrëckbehale ginn.

Bis elo huet d'Regierung nach keng ganz kloer Linn doranner. Ech wär frou vläicht vum neie Minister gewuer ze ginn, ob d'Regierung awer net wëlles hätt, an Zukunft mindestens obligatoersch op dee Standard ze goen, wëssend eben och dat, wat mer virun diskutéiert hunn, wat fir eng Wichtigkeet deen Aspekt huet am Kontext och vun de Klimadiskussiounen.

Da wëll ech am zweete Punkt agoen op dee Projet, wou mer e puer Froen hunn. An dat geet ëm de Contournement vun Ollem/Capellen. Fir d'éischt emol virausschéckend, datt eigentlech - dat ass natierlech eng Feststellung; do kënnen mer haut näischt méi drun änneren - dee Problem, dee sech stellt - Ollem/Capellen hat ech viru gesot; Ollem/Kehlen, pardon - zu Kehlen.

Zum Beispill dee Misär, deen d'Leit hunn, datt esou vill Camionen duerch hir Uertschaft do fueren, deen huet natierlech emol un alleréischter Stell mat enger schlechter Landesplanung vun der Vergaangenheet ze dinn. Well déi Aktivitéitszonen, esou wéi se do geplangt ware respektiv entwéckelt gi sinn, entsprechen net onbedéngt deem, wat eng gutt Landesplanung kéint sinn. Mä bon, dat ass eng Feststellung, déi mer haut musse maachen a mat där mer haut musse liewen. Déi sinn elo do.

Et sinn Aktivitéiten do an de Problem ass, datt d'Leit zu Kehlen de Misär hunn, datt déi Camionen natierlech dauernd duerch hir Uertschaft fueren. Duerfir hu mir och absolut Verständnes, datt se gär eng Léisung hätten, datt d'Camionen net méi duerch hir Uertschaft fueren.

D'Fro, déi sech natierlech elo stellt: Wat maache mer an deem dote Fall? Gëtt et eng Variant? Gëtt et méi Varianten, déi mer analyséieren? Dat ass dat eent. Mä bon, ech mengen, et geet jo hei an d'Richtung, fir éischter eng Variant erauszesechen.

Do interesséiert eis natierlech virun allem d'Fro vun der Étude d'impact, déi soll gemaach ginn. Gëtt déi gemaach? Wat fir eng gëtt gemaach? Mir hätte gär do Präzisiounen herno vum Minister an där Hisiicht, a wéi eng Richtung en do wëllt goen. Dat ass fir eis extrem wichtig bei der Décisioun, wéi mer eis wäerten herno verhalen.

Dann natierlech och virun allem d'Analyse de trafic. Dat heescht, et ass jo net nëmme wichtig, ze soen: Mir bauen eng Strooss. Mä mir mussen och eng Trafic-Analys maachen, wa mer herno dann déi Strooss gebaut hunn, ob se och dat bréngt, wat mer gären hätten. Respektiv: Gëtt et net och vläicht aner Méiglechkeeten, wéi mer kënnen zu deem Zil kommen, fir datt ebe keng Camion méi duerch déi Uertschaft do fueren?

Wéi gesot, dat sinn déi Froen, déi mer gär gekläert hätten, ier mer eis hei positiv derzou wäerten ausdrécken.

Dann, de leschte Punkt ass awer eng ganz kloer - ech wëll net soen, eng Warnung, mä - eppes, wat mer awer wëllen hei mat aller Stärkt zum Ausdrock bréngen. Mir hoffen, datt et sech hei effektiv nëmmen ëm d'Suerg dréit, fir de Contournement ze baue vun Ollem/Kielen, dat heescht, fir déi Leit vu Kielen an Ollem ze entlaaschte par rapport zu de Camionen.

Mir hoffen net, datt et hei eng éischte Salamischeifchen ass vun enger Strategie, fir no an no mat ëmmer méi Contournementen d'Westtangente ze baue vun der Nordstrooss. Dir wësst, datt do e Projet an der Diskussioun war. Laang si ganz grouss Iddië geegeschtert am Baute-

ministère bei Ponts et Chaussées, fir d'Westtangente awer nach ze bauen.

Ech wëll ganz kloer soen hei am Numm vu menger Fraktioun, datt mir dat wierklech géife katastrofal fannen, well dat de falsche Wee wär, dee mer géife wielen, fir déi och nach ze bauen. Wéi gesot, mir hätte kee Problem hei, fir an d'Richtung matzedanken, fir deene Leit aus deenen Uertschaften do hire Problem ze léisen. Mä mir hunn awer e grouse Problem domadder, wann et sech soll ëm eng Salami-taktik handeln, fir dann iergendwann eng Kéier déi Westtangente awer ze realiséieren. Och do wäere mer frou, wa mer e klärend Wuert vum Minister kréichen.

Dat wäeren déi Saachen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi meng Fraktioun zu där Motioun an zu deene Projeten à ce stade hei ze soen hätt. Wéi gesot, wa mer zefridde stellend Äntwerte kréien, stëmme mer d'Motioun mat. Ansonste wäerte mer eis enthalen.

Merci.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Bausch Merci a ginn d'Wuert virun un den Deputéierten Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. À première vue gesäit sech déi Debatt an déi Lëscht, déi mer hei krut hunn, wéi eng Lëscht un, déi d'Kanner un de Kleesche solle fir de 6. Dezember verschécken. Dat heescht, datt een also e Wonschziedel un d'Regierung erugëtt, wat soll hei gebaut ginn. Dat ass och, mengen ech, ze verstoen aus der Prozedur, déi d'Chamber sech ginn huet. Mä jiddweree weess, datt natierlech de Wonschziedel heiandsdo grouss ass, mä datt en och nach muss herno finanziéiert ginn. An duerfir wollt ech e puer Froen un de Minister stellen an deem Kontext.

Mir hunn elo schonn eng etlech Projeten ënnert der viregter Regierung an och schonn ënnert dëser Regierung gestëmmt. Mir géifen also gäre wëssen, wou déi Projeten dru sinn, ob Der ons dat kéint a schrëftlecher oder mëndlecher Form soen, dat heescht, ob déi Projeten elo effektiv schonn ausgeschriwwen sinn oder ginn, wou een do drun ass. Well et héiert een näischt méi dovunner, au moins natierlech, datt ee géif d'Soumission-publiquen dohierter novollzéien, wat net onbedéngt awer ons Missioun ass. Duerfir wier ech frou, wann ee kéint do Opschloss kréien. Entweder, wann Der et kënnt maachen, mëndlech, wann net, datt Der ons dat da schrëftlech kéint matdeelen.

Da geet et och doriwwer, datt mer eng etlech Projeten hunn, déi zwar elo net méi mussen duerch d'Chamber goen, mä déi awer wichtig si fir eenzel Administratiounen oder fir eenzel Servicer. Duerfir wier ech och frou, wa mer och do kéinten eng Lëscht kréie vun deene Saachen, déi d'Regierung als signifikativ ugesäit, déi elo schonn amgaange si realiséiert ze gi respektiv déi realiséiert solle ginn a wou et drëm geet also och Informatiounen ze kréien, wat eigentlech effektiv duerchgezu gëtt.

Ech ginn nuren ee Beispill. Et ass geschwat gi vun engem Velodrom, dee soll um Zéissenger Tipp gebaut ginn. Vu datt den Zéissenger Tipp relativ schwéier ass, fir datt een do eppes kéint drop bauen, soll dann eng Autobunn vergréissert ginn, an den Zuch soll och nach tëschent dem Velodrom an dem Piff an der Kaul fueren. Do stelle sech also eng etlech Froen. Ech wier zum Beispill bei esou engem Projet nawell frou gewuer ze ginn, ob dee Projet dann elo realiséiert gëtt.

Duerfir hunn ech gefrot, datt mer entweder mëndlech oder schrëftlech vun der Regierung sollten eng Lëscht kréie vun deene Projeten, déi och net elo op dëser Lëscht sinn, ob se realiséiert ginn oder net. Well dat sinn awer interessant Froen, wann herno och sech finanziell Enkpäss sollte stellen.

Wat déi Projekte selwer hei ugeet, do wëll ech direkt soen, datt mir als ADR déi Projeten als nützlich ugesinn an datt mer och dofir déi Motioun an deem Sënn, déi virgeluecht ginn ass, mat ënnerschriften hunn. A mir wäerte se och matstëmmen.

Nach stelle sech an dësem Kontext awer e puer Froen, wou ech d'Impressioun hunn, datt et gutt wier, datt ee géif positiv



denken, fir éischtens, verschidden Norme festzeleeën an enger Zäit, wou et schwiereg ass um finanzielle Gebitt fir de Stat a fir d'Gemengen, datt do d'öffentlech Hand misst soen: Wat sinn déi ekologesch Normen, déi solle bei de Gebailechkeeten ugewannt ginn? Wat sinn d'Normen a Metercuben, déi solle gebraucht gi fir eenzel Gebailechkeeten? An datt dat net vum Ministère no changéiert.

Duerfir wär et wichteg, datt een also do verschidden Normen hätt, datt een och en nationalen Aktionsplang hätt. An ech ginn nuren ee Beispill vun enger Saach un. Dat ass, fir eng Schoul ze bauen, eng Primärschoul, do gëtt et verschidden Normen, déi festgeluecht gi vum Ministère de l'Éducation nationale. Wann dann um véier Auer dat Schoulgebaai oder en Deel vun deem Schoulgebaai net méi gebraucht gëtt fir Schoul, mä als Crèche oder Garderie, da gëllen aner Normen, déi vum Ministère de la Famille festgeluecht gi sinn an déi villech méi wäit ginn. Et sinn awer déiselwecht Kanner.

Och do gesäit een, datt et gutt wier, wa méi Kohärenz an deem Ganze wier. An duerfir wëll ech och soen, datt mer eng Motioun hei déposéieren, wou mer d'Regierung opfuere wëll, fir méi d'Ökoproduiten an d'Ökotechnologien an dem öffentliche Akaf ze favoriséieren, fir Norme festzeleeën, wéi d'Gebailechkeete solle gebaut ginn, a fir datt dat uniform ass. Well dat gëtt jo verlaangt. Niddregenergiehaiser gi jo verlaangt bei private Leit. Si gi verlaangt bei den Entrepreneuren. A beim lëtzebuergesche Stat gëtt et keng Normen. Duerfir wier et gutt, wann een do eenheetlech Normen hätt, an net en Duercherneen.

Déi Motioun hunn ech elo fir den Ablack eleng ënnerschriwwen. Ech géif proposéieren, datt et méiglech wier, fir mam zoustännegen Minister déi Motioun an der zoustänneger Kommissioun kennen ze diskutéieren, fir datt mer herno och zu konkreten Aktiounen kënnen kommen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que l'État ne peut ignorer dans sa gestion quotidienne les objectifs de développement durable qu'il souhaite voir prendre en compte par les entreprises et les consommateurs;

- considérant que les dépenses de fonctionnement des administrations doivent apporter une contribution significative face aux défis environnementaux et sociaux;

- considérant que ces dépenses de fonctionnement doivent être économiquement et financièrement efficaces et contribuer au soutien des écoproduits et des écotéchnologies;

- considérant que les administrations doivent établir les dispositions assurant la prise en compte des objectifs d'un développement durable dans le fonctionnement des services et des établissements publics placés sous leur responsabilité;

- considérant qu'il y a lieu d'établir des normes éco-responsables et financièrement efficaces pour la construction d'immeubles pour compte de l'État et des communes;

- considérant qu'il y a partant lieu d'établir un programme d'optimisation des achats éco-responsables de l'État et des communes incluant le but de réduire les frais de fonctionnement administratifs et les coûts de construction notamment par la professionnalisation des acheteurs publics, la mutualisation des achats, le suivi de la performance;

demande au Gouvernement

- d'élaborer un Plan national d'action pour des achats publics durables et un guide des administrations éco-responsables.

(s.) Jacques-Yves Henckes.

Ech mengen, et huet als Sënn an als Zweck, datt mer ekologesch responsabel, nohalteg kennen agéieren, mä et huet och zum Zweck, an darselwechter Motioun, fir ze kucken, datt een d'Dépensé bei Gebailechkeeten, beim Achat vu Gidder ka reduzéieren. Do gëtt et haut Méiglechkeeten, iwwer Centrales d'achat an esou weider, iwwert d'Gruppementer vun Achaten, an datt een déi ganz Problematik do eng Kéier duerchhëlt mat deenen Optiken, déi ech elo grad gesot hunn.

Dat ofschléissend nach eng Kéier, datt mer mat deene Propositionen, wéi se hei virgeluecht sinn, d'accord sinn. An ech wëll och dem Rapporteur e grouse Merci soen. Hie war ganz explizit an huet mer duerfir och erlaabt, datt ech zu deem Sujet do e bësselche méi kuerz konnt sinn.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Henckes Merci. De leschten ageschriwwene Riedner fir dese Projet ass den Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt och dem Rapporteur Fernand Boden Merci soe fir säin exzellente Rapport a wäert am Numm vun der LSAP just e puer Wuert un lech riichten zu den Infrastrukturen, déi d'Eisebunn, de Stroossebau an d'Fligerei betreffen.

Mir fänken u mat der Eisebunn. Hei geet et ëm e Renouveau vum der bestehende Anlage vun der Nordstreck. Dir gesitt, dass och d'Nordstreck permanent an der Rei gehale gëtt. Et ass enorm wichteg, dass déi bestehende Anlage permanent erneiert ginn. Dir wësst, dass d'Eisebunn d'Réckgrat ass vun eisem ganze Konzept, dat eise fréieren Transportminister Lucien Lux mam Konzept Mobil 2020 op d'Bee gestallt huet a vu wou aus d'Feinverdeelung geschitt op Bus a spéider Tram.

Ech wëll just nach eng Kéier hei ernimmen, dass déi dräi Projekte vun der Nordstreck, wéi gesot, en einfache Renouveau sinn, e Renouveau pur et simple. D'Liewensdauer vun esou engem Gleis ass ëm déi 30 Joer. Do si mer à échéance. Wann dat net erneiert gëtt, dann entstet Sécherheitsproblemer, déi een net ka verantworten. Duerfir gëllt dee sougenannte finanzielle Virbehalt hei net. An ech mengen, do dierf een net domat spillen. Bei neie Projekten, déi kann ee verschieben, mä bestehende Anlagen, wou dauernd Zich drop fuere mat 120 Stonnekilometer, do ass net ze spaassen. Duerfir wëll ech nach eng Kéier derfir sensibiliséieren, dass, wann déi ganz Lwwerleeungen iwwert d'Investissementen kommen, een deene Sécherheitsconsideratiounen do Rechnung dréit.

Deen zweete Projet geet an déiselwecht Richtung, dat ass déi Bréck vun der Nordstreck och zu Ettelbréck. Den Här Boden huet elo gesot, si ass 1860 gebaut ginn, wéi d'Streck gebaut ginn ass. Et ass eng genitte Bréck. Si ass wirklech an engem ganz schlechten Zoustand. Déi grouss Suerg, déi d'Eisebunn huet, ass, dass bei Lwwerschwemmungen am Uelzechtdall - an dat kënnt jo net selte vir - déi Bréck een immense Problem mat där Dispositioun vun de Piliere huet. An do ass et esou, an dat weess ech aus menger eegener Erfahrung, wann do d'Waasser kënnt, da ginn op déi Bréck do schwéier Eisebunnswagone gesat, déi voll beluede sinn, fir d'Bréck unzehalen, fir dass se net fortschwëmmt. Ech wëll dat eng Kéier ganz daitlech soen.

Ech mengen, dat weist ganz kloer, dass hei wirklech groussen Handlungsbedarf ass, fir dass et net eng Kéier zu enger Katastroph kënnt. An ech géif de Minister och froen, dass bei deem neie Konzept och wirklech dat do berücksichtegt gëtt, dass déi Situatioun vun deem Setze vun de Wagonen net néideg wier. An deem Sënn hunn ech awer all Zouversicht, dass och déi Projekten do vun der Eisebunn zügeg kënnen realiséiert ginn, fir dass mer do keng Sécherheitsproblemer kréien.

Dann zum Projet vum Contournement, vum Stroossebau zu Kielen. Dat begreisse mer, dass do déi Etüde gemaach ginn. Et ass kloer, dass mer elo hei jo am Beräich vun den Etüde sinn, an net scho vun der Exekutioun an Approbatioun. Et mussen also all Prozeduren agehale ginn. Dovunner gi mer aus. Ech wëll awer just hei ganz kloer soen, dass Kielen eng Uertschaft ass, déi wirklech ganz grave vum Verkéier beלאscht gëtt mat de Camionen. Op enger Distanz vu manner wéi engem Kilometer leie véier S-Kurven hannereneen, wou ganz vill Camionen duerchfuere. Déi Leit, déi do wunnen, hu wirklech guer keng Liewensqualität, an et ass och immens geféierlech, iwwert d'Strooss ze goen, virun allem fir d'Kanner, an do ass och nach e Foyer du jour. Also dat ass wirklech geféierlech. Ech géif do wirklech och sensibiliséieren, fir dass do an där Richtung eppes geschitt.

Gradesou wichteg ass et och an deem Projet, de Raccord un déi bestehende Zone industrielle vu Kielen ze maachen, op d'Strooss tëschent Mamer a Kielen, gradesou gutt wéi de Rond-point, deen elo amgaangen ass geschwënn ugefaangen ze ginn, mat den Aarbechte vu Mamer Richtung Kielen, fir och do d'Zone industrielle vun deem neie Parc d'activité vu Capellen do unzeschleissen an domat och deene Leit aus der Kieler Strooss zu Mamer eng Entlaaschtung ze bréngen, fir och hir Liewensqualität ze verbessern.

Dann nach e lescht Wuert zu deem Projet vum Findel, deen ech och ganz wichteg fannen. D'Approvisionnement vum Kerosin duerch d'NATO-Pipeline ass jo am Fong eng ekologesch Léisung, wou mer keng Camione mussen iwwert d'Strooss op de Findel permanent schécke mat wirklech explosivem Kerosin. Dat ass eng ganz gutt Saach. Et ass awer och ganz wichteg, an dat ass mäi leschte Saz dozou, dass déi Tanken erneiert ginn, well se am Fransousegrond leien. Dir kennt déi Situatioun. Dat ass en ekologesch sensibel Gebitt, wat jo zougemaach ginn ass, wou een awer ënnendrenner weess, dass dat vum ëmwelttechnesche Punkt gutt ass, dass dat elo sanéiert gëtt. An deem Sënn wëll ech och de Minister encouragéieren, do esou séier wéi méiglech ze handeln.

An domadder ginn ech och den Accord zu den Infrastrukturprojete vun der LSAP.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Negri Merci. Domat wier d'Diskussioun ofgeschloss, an ech géif der Regierung d'Wuert ginn. Ech géif, dans la mesure wou mer nach zwee Voten hunn, all d'Kollegen elo bieten, déi puer Minutten nach auszehalen, well mer si just op der Limite vun deem, wat benéidegt gëtt, fir dass mer nach de Quorum hunn. Ech soen lech Merci fir Äert Entgéintkommen.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Ech probéieren och an der Limite vun deem ze bleiwen, wat dann zoumuttbar ass a mech kuerzefassen. E puer Froen sinn awer gestallt ginn. Ech wëll fir d'éischt nach eng Kéier drun erënneren, wat mer mat deser Motioun wëllen, well ech awer an den Interventiounen eng ganz Rei Remarquen héieren hunn, déi gutt an aneren Diskussiounen gewiescht wieren, mä net onbedéngt an deser.

Wat wëlle mer mat deser Motioun? Mat deser Motioun wëlle mer am Fong der Regierung d'Méiglechkeet ginn, eng Planifikatioun ze maachen, déi méi wäit geet wéi dat am Fong virun dräi oder véier Joer nach de Fall war. Fir déi, déi nach net an der Chamber ware respektiv dat net esou genau suivéiert hunn, wëll ech eng Kéier rappeléieren: Mir soen hei, datt mer wëllen an zwou Etappen an d'Chamber kommen. Virdu si mer just mat engem Gesetz an d'Chamber komm.

Elo komme mer an zwou Etappen an d'Chamber, an zwar ganz, ganz fréi, do, wou am Fong nach guer näischt op engem Projet gemaach ginn ass, ausser datt de Projet als Projet an de Käpp existéiert an e puer Méiglechkeete gekuckt ginn, wat geet a wat net geet - bei verschide Projekten ass jo och emol nach net genau definéiert, wou en hikënnt -, fir da kennen de Gesetzestext wesentlech méi spët ze maachen, well mer da wëlle weiderkommen an den Diskussiounen, well mer da weider wëlle kommen an der Planifikatioun, fir hei an d'Chamber ze komme mat vill méi prezise Pläng, wou mer och finanziell méi no bei der Realitéit duerno sinn.

Déi heite Prozedur ass entstanen duerch all déi Problemer vun Dépassement, déi mer sengerzäit hate mat Pläng, déi net esou prezis waren a wou een net konnt finanziell esou no goen, wéi mer dat hei kennen. Dat ass am Fong d'Zilsetzung dovunner.

Wann een da seet: Deen éischte Vote, dat war am Dezember 2006, dat sinn elo nach keng dräi Joer hier. A wann een da seet: Firwat sinn déi Projekten nach net alleguer ugefaangen? Wa mer hei Projekte votéiert hu virun dräi Joer, wou nach am Fong näischt um Pabeier war, dann ass dat am

Fong eng Normalitéit. Eng Rei Projekte si mer amgaang elo schonn ze maachen; eng Rei Projekte sinn nach an der Planifikatioun, well dat laang Zäit brauch, well d'Autorisatiounen nach net alleguer do sinn, well d'Gesetzprozedur amgaang ass, oder well mer amgaang sinn, d'Terrainen ze kafe respektiv Emprisen ze kafen. Dat alles ass awer am Beräich vun dem absolut Normalen.

Wann ech dann déi Lëscht kucken - well ech hu se matbruecht - vun deem, wat 2006, 2007 an 2008 votéiert ginn ass, da muss ech soen, da sinn awer och eng Rei Projekte schonn am Bau, wéi zum Beispill d'Lycée vu Miersch, de Lycée Belval, d'Université, de Bâtiment administratif, wou alles Projekte sinn, déi 2006 stoungen, déi elo schonn ugefaangen hunn, déi also d'ganz Prozedur vun hanne bis vir duergelaf sinn. Aner Projekte sinn an der Planifikatioun fäerdeg, fir déposiert ze ginn. De Boulevard Raiffeisen, de Pont frontalier de Grevenmacher sinn och eppes, wat relativ kuerzfristeg kann ufänken.

Wann ech op 2007 eriwerginn, all déi Lycéeën, déi am Norde sinn, déi sinn amgaangen ugefaangen ze ginn. D'Cour de Justice européenne, den A, B, C misst theoretesch haut gestëmmt ginn. Just no deem Vote. Dat ass eppes, wat mer 2007 ofgehaakt hunn. De Lycée agricole, dor-iwwer hutt Der selwer geschwat, datt deen an der Kreatioun, an der Planifikatioun ass; de Lycée Sports-Études d'selwecht, do si mer amgaange mat den Autorisatiounen mat der Stad Lëtzebuerg ze kucken. Beim Pont Adolphe si mer quasiment fäerdeg mat dem Pont provisoire. Also, do sinn ech bei 2007, ech kann esou weiderfuere op 2008 och nach. Also, ech si gär bereet, an déi Kommissioun ze kommen an all eenzel Projet mat lech duerchzekucken, wou mer...

(Interruption)

Eng kleng Note, hein? Dat wär dat Bescht.

(Hilarité)

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Also, ech komme gär an d'Kommissioun, fir dat mat lech duerchediskutéieren, wou mer do dru sinn, fir lech déi noutwendeg Explikatiounen evidenterweis op deene Projekten ze ginn.

An da muss ech soen, ass dat hei jo och keng Finanzdiskussioun, déi mer féieren. Hei ass eng Diskussioun iwwert do, wou mer plangen, an dann duerno ginn eng Rei Projekten, déi urgent sinn, kucke mer an d'Planifikatioun, an de Pluriannuel eranzekréien. Eng Rei aner Projekten, do si mer fäerdeg mat der Planifikatioun. A wann en net an de Volume vun de Finanzen erageet, mä da musse mer duerno kucken, wéini mer e kennen drasetzen. Well wa mer hei ufänken ze plangen, weess ech jo nach guer net, wat finanziell kann erauskommen. Ech ginn lech bei verschiddene Projekten eng Rei Indikatiounen, do, wou ech mengen, datt mer wësst, wou mer hikommen. Bei anerer gi mer iwwerhaapt keng Indikatiounen, well ech net weess.

Also ass et och ganz schwéier, fir elo ze soen, wéini dat an all Projet ufänkt, well et en fin de compte deelweis vum Resultat vun den Etüden erauskënnt an da vun der Finanzierungsplanifikatioun, déi mer kennen op där Basis maachen.

Dir wësst, well Der de Budget hutt, wat an deenen nächste Joren als Somme-globale an deene verschiddene Fonge steet, sou datt Der lech kënnt virstellen, wat fir e Volume an deenen nächste Joren ausgëtt. Prezisiounen mussen awer elo nach an deenen nächste Méint gemeinsam gemaach ginn, well Der jo och wësst, datt mer déi ganz Planifikatioun mussen am Grëff behalen, fir iwwert d'Ronnen an deenen nächste Joren ze kommen.

Dann ass et esou, datt nach e puer Froen gestallt gi sinn, notamment iwwert d'Aart a Weis wéi mer bauen. Niddregenergiehaiser - ech mengen, dat wär den Här Bausch, deen dat gefrot huet: Mir wëllen à



partir vun 2010, datt all déi Bauten, déi mer maachen an deem Kontext, och déi öffentlech Bauten, déi mer maachen an deem Kontext, esou kënnen gemaach ginn. Niddregenergie soll e Standard gi beim öffentleche Bau. Mir kënnen net iwwerall op Passivenergie eriwweergoen, well notament Schoule sech net onbedéngt als Passivenergiebauten eegnen. Par contre ass awer dee Standard, dee mer elo schonn an de Schoulen amgaange sinn ze bauen, een, dee sech méi wäit wéi Niddregenergie an zwëschent Niddregenergie a Passivenergie befënnt.

Dat heescht, do si Konzepter, déi développéiert gi sinn, déi och scho virgestallt ginn, an déi mer an all deene leschte Bauten, déi mer ugefaangen hu respektiv plangen, an d'Realitéit ëmsetzen. Dat schéngt mer normal ze sinn, a mir hunn och virgesinn, datt mer zwee Projeten elo ufänken ze plangen, wou mer Positiv-Energie-öffentlech-Baute wëlle probéieren emol, wéi een d'Planifikatioun ka maachen a wéi wäit mer mat esou engem Projet kommen. Also schonn eng relativ grouss Recherche an deem Contournement... an deem Kontext.

(Hilarité)

Wann ech da wëll op... Ech hunn dat hei opgeschriwwen, Contournement, dat war mäin nächste Punkt, mä wann ech da wëll op d'Motioun vum Här Henckes kommen, ech mengen, datt d'Regierung do extrem vill scho gemaach huet. Et muss een einfach wëssen, datt mer elo schonn den ekologesche Leitfaden hunn, wou all déi Bauart a -weisen, wéi soll ekologesch gebaut ginn, sämtlechen Architekten, déi fir eis bauen, zur Verfügung gestallt ginn, respektiv och deenen Architekten, déi wëlle fir Gemenge bauen, kënnen zur Verfügung gestallt ginn, wa se sech wëllen dorunner halen, respektiv datt mer och fir den öffentleche Bau evidenteweise grouss Prinzipie festgeluecht hunn, wéi mir wëllen un d'öffentlech Bauten erugee mat Energie spueren.

Et sinn awer an der Diskussioun - ech hat elo net genuch Zäit, fir iwwer Är Motioun ze kucken -, mä et sinn natierlech an deem, wat Der an der Diskussioun gesot hutt, eng Rei Saachen, déi natierlech och problematesch sinn. Also, déi Geschicht mat de Centrales d'achat. Dat ass also eppes. Dir wësst, datt mer am Juni gekuckt hunn hei, wéi mer solle kënnen eis Kritären, wéi mer kënnen Marchés de gré à gré maachen, eropzesetzen, fir méi schnell kënnen virunzemaachen. Wa mer elo déi aner Richtung vun de Centrale-d'achaten erëm ginn, da gi mer awer erëm total an

en anere Wee, dee kontradiktöresch ass zu deem, wat mer hei am Juni décidéiert hunn, fir schnell kënnen virunzekommen, fir och mat PMEe kënnen ze schaffen. Dir wëllt elo den anere Wee goen. Ech weess net, ob dat gutt ass...

► **M. le Président.**- Här Minister, déi Motioun ass souwiso geduecht, fir emol an der Kommissioun eng Kéier gekuckt ze ginn.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Also géif ech mengen,...

(Interruption)

...datt ech d'accord sinn, datt mer se sollen an der Kommissioun eng Kéier ganz seriö an allen Detailer duerchdiskutéieren.

Dann zu zwou anere Froen, dat ass déi vum Velodrom, déi hei gestallt ginn ass. Do muss ech soen, äntwerten ech lech net drop, well de Velodrom ass net en Objet, dee bei dem Budget vum Ministère vum Développement durable steet, mä ass e Projet, deen zesumme gemaach gëtt mat dem Sportsministère a mat deene Gemengen, déi dat maachen, sou datt dat elo net hei den Objet vun haut ass.

Da wëll ech dem Här Bausch nach äntwerten op seng Fro, déi hie ganz prezis gestallt huet iwwert de Contournement vun Olm-Kehlen, a wéi mer dat ugi mat de ganze Prozeduren, respektiv wat fir eng Prozedure mer wielen. D'Äntwert op déi Fro ass relativ kloer an däitlech, duerfir wëll ech se och esou soen: Mir hunn eng nei Prozedur jo am Juni zesummen hei gestëmmt an der Chamber, déi de Gesetzestext, dee mer fréier haten, wat mer de 97/11/CE nom Numm vun der Direktiv genannt hunn, deen déi vereinfacht, dee se administrativ wesentlech méi einfach mécht.

An deem neie Gesetzestext, do ass e Reglement, wat momentan nach net publizéiert ass, well et nach beim Conseil d'État läit, wat ganz genau Kritäre virgesäit, wéini e Projet muss an dat - wat ech soen - déi kleng Prozedur oder an déi grouss Prozedur goen. D'Impaktstudie ass Partie vun där grousser Prozedur.

Elo ass et esou, datt deen hei Projet net ënnert déi grouss Prozedur géif falen, wann ech e just vu senger Längt géif huelen, well en an der Längt net esou grouss ass, datt en automatesch misst drënner falen. Dann hu mer awer an dem Reglement an am Gesetz d'Méiglechkeet, fir en trotzdeem drënner falen ze loossen, wann en eng Rei Zones protégées d'intérêt communautaire sträift. Duerfir hunn

ech viru 14 Deeg oder dräi Wochen, den 2. November, der Administratioun Instruktioun ginn, datt mer wëllen hei déi grouss Prozedur maachen, datt, well mer hei Zäit hu bei deem Projet, mer dat och sollen nun ulafe loossen, datt se also sollen déi Studien, esou wéi d'Gesetz virgesäit, maachen, wou se eng Deskriptioun vum Projet musse maachen.

Ech liesen lech dat einfach vir, datt Der genau wësst, wat hei gemaach gëtt:

«- une description du projet au stade d'avant-projet sommaire comportant des informations relatives au site, a la conception et aux dimensions du projet,

- une description des mesures envisagées pour éviter et réduire des effets négatifs importants et, si possible, y remédier,

- les données nécessaires pour identifier et évaluer les effets principaux que le projet est susceptible d'avoir sur l'environnement et la sécurité,

- une esquisse des principales solutions de substitution qui ont été examinées par le maître de l'ouvrage et une indication des principales raisons de son choix, eu égard aux effets sur l'environnement,

- un résumé non technique des informations visées aux tirets précédents.»

Da geet e selbstverständlech an déi Konsultatiounsprozedur, esou wéi een esou e Projet wëllt maachen. Ech mengen, dat ass normal fir dat, wat mer hei maachen. Duerfir wëll ech dat hei kloer an däitlech soen.

Ech hoffen dann, datt Der déi Motioun hei och esou kënnt an deem Kontext mat ënnerschreien.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Minister och Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen.

Motion 1

Et ass eng Motioun N°1 eragereecht ginn, zu där den Här Bausch d'Wuert freet.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, ënnert deenen dote Konditiounen si mer d'accord, fir d'Motioun ze ënnerschreien a se och matzestëmmen.

► **M. le Président.**- Da géif ech d'Motioun erofginn, dass Der dat kënnt direkt maachen.

Ass dozou nach eng Wuertmeldung?

(Négation)

Da kéime mer zum Vote iwwert déi dote Motioun.

Vote sur la motion 1

Ech ginn dovun aus, se ass vun all Fraktiounen elo ënnerstëtzt, dass mer dann dat kënnen par main levée maachen. Mir hunn de Quorum heibannen; ech hunn dat kontrolléiert.

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass déi Motioun unanime ugeholl ginn.

Motion 2

Mir hunn dann nach eng Motioun 2. Do hunn ech e Problem vun der Recevabilitéit zurzäit. Et ass eng Ënnerschrëft drop.

(Interruption)

Ech ka se leider net an d'Kommissioun ginn, seet d'Sekretariat mer, soulaang se net recevabel ass. Mä den Här Henckes kann awer an enger nächster Kommissiounssitzung, ginn ech emol dovun aus, ouni dass et sous forme de motion ass, déi Froen hei eng Kéier op den Ordre du jour bréngen.

Ech gesinn de President vun der Kommissioun, deen nickt zoustëmmend, sou datt ech mengen, datt mer déi Motioun hei net als Form vu Motioun, mä als Form vun Input vum Här Henckes an eng Kommissiounssitzung géife ginn.

4. Ordre du jour

Mir hunn dann nach e leschte Punkt um Ordre du jour: de Projet de loi 6019. Et ass gefrot ginn opgrond vun der Zäit, an där mer elo sinn - et ass zwanzeg op siwen -, dass mer dee Projet haut den Owend net géife stëmmen an dass mer dee géife reportéieren op d'Woch vum 1. Dezember, wou en zesumme mat zwee anere Bauprojeten, déi da wäerten um Ordre du jour sinn, kéint behandelt ginn.

Ass d'Chamber domadder d'accord?


(Assentiment)

Wann dat de Fall ass, da stellen ech fest, dass mer domadder um Enn vun eiser Sitzung ukomm sinn. Déi nächst Sitzung si virgesinn den 1., den 2. an den 3. Dezember.

Ech géif och domadder d'Sitzung dann ophiewen an lech Merci soen.

(Fin de la séance publique à 19.21 heures)

d'Chamber online op www.chd.lu



■ L'actualité parlementaire sur www.chd.lu

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.

■ L'actualité parlementaire vous intéresse?

Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.

■ Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.

■ De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.